



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8048 vum 1. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

Verschieden Europäesch Länner hu schonns rezent den Délai fir d'Ofdriewung erop gesat (z.B. Frankräich 14. Woch, oder Holland 22. Woch) oder sinn dobäi dëst ze plangen (z.B. Belsch). Dëst ass motivéiert doduerch dass, och wann déi meeschten Schwangerschaften ganz fréi ënnerbrach ginn (ëm déi 5.-6. Woch), leider nach eng kleng Zuel vun Fraen ze spéit mat hirem Wonsch op Schwangerschaftsënnerbriechung bei den Dokter kommen. Dës Fraen mussen dann hier Schwangerschaft weiderféieren, oder falls si d'finanziell Méiglechkeet hunn, ginn dann an d'Ausland fir d'Schwangerschaft z'ënnerbriechen. D'Fuerderung ass dofir och zu Lëtzebuerg opkomm fir den Délai vun 12 op 14 Woch post-Conceptioun eropzesetzen.

De Gesondheetsministère steet dëser Fuerderung am Prinzip positiv géint iwwer, baséiert ënner anerem op engem rezenten Rapport vun engem akademeschen Aarbechtsgrupp, deen vun der belscher Regierung beoptraagt gouf, d'Situatioun vum Avortement an der Belsch kritesch z'analyséieren. Dësen Aarbechtsgrupp bestoung aus Verrieder vun den 7 Universitëiten (d.h. representativ vun de groussen politeschen, philosopheschen an reliéisen Orientéierungen) an aus weideren 28 Experten aus ganz verschiddenen Beräicher, déi der belscher Regierung 25 Recommandatiounen iwwert d'Ofdriewung gemaach hunn. ⁱ

Wat den Délai betrëfft koom den Aarbechtsgrupp zur Konklusioun dass den Délai bis maximal d'18. Woch kéint eropgesat ginn, an zwar op Basis vun i) dem Recht vun der Fra een Accès ze hunn op eng sécher an efficace Ofdriewung ouni limitéiert ze sinn op si sech dat finanziell leeschte kann oder net, an ii) vum Entwécklungsstadium vum Foetus a Relatioun mat enger Rei medizineschen a moraleschen Kriterien.

De Gesondheetsministère rappeléiert, dass den aktuellen gesetzleche Kader et der Fra erméiglecht an engem Zäitraum, dee legal festgeluecht ass, eng IVG virzehuelen, dat am strikte Respekt vu gesetzleche Konditiounen.

De Gesondheetsministère ass favorabel fir eng Obligatioun anzeféieren dass all Ofdriewung muss anonym déclaréiert ginn, mat enger Rei sozio-demographeschen a medizineschen Informatiounen, wéi dëst z.B. och an der Belsch oder an Däitschland de Fall ass. Dëst géif erlaben eng Analys ze maachen firwat Ofdriewungen gemaach ginn, an domat erlaben eng besser gezielten Präventioun ze plangen. Dëst kann awer net iwwert d'Nomenclature gemaach ginn, well där hier primär Finalitéit ass dem Gesetz no d'Ofrechnung vun medizineschen Akten, a si ass net informativ genuch fir statistesch Zwecker an dësem Gebitt. D'Détailler vun esou engem Deklaratiounssystem missten natierlech zesummen mat den Gynékologen ausgeschafft ginn.

Wat den Délai de réflexion betrëfft, notéiert de belschen Aarbechtsgrupp "(...) ce délai est aujourd'hui vécu comme humiliant, suggérant une immaturité des femmes auxquelles il faudrait imposer un délai de réflexion obligatoire, supposant qu'elles ne seraient pas aptes à le prévoir elles-mêmes". Aus dësem Gronn ass och d'lëtzebuenger Regierung favorabel den Délai op ee strikten Minimum erofzesetzen, d.h. praktesch kéint dann den Ofbroch den Dag no der éischer Konsultatioun gemaach ginn.

Ënn Mee 2023 ass den Aarbechtsgrupp fir d'éischt zesummen komm, deen beoptraagt ginn ass eng Bestandsopnam vum aktuellen gesetzleche Kader ze maachen.



Eng Verlängerung vum „délai d’avortement“ an eng Verkierzung vum „délai de réflexion“ ginn momentan vun dësem Aarbechtsgrupp évaluéiert.

Ausserdeem analyséiert den Aarbechtsgrupp wéi eng Outilen kéinten agesat ginn fir an Zukunft op aussokräfteg Statistiken zu den Ofdreiwungen kënnen zeréck gräifen.

De Gesondheitsministère ass favorabel fir eng Upassung vum aktuellen Ofdreiwungsgesetz duerchzeféieren.

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert

ⁱ Referenz:

Etude et évaluation de la loi et de la pratique de l’avortement en Belgique. [Evaluatie-van-abortuswetgeving-en-praktijk_FR_versie.pdf \(vlir.be\)](#)